



66, rue Baudouin
L-1218 Luxembourg

asam@fgfc.lu
www.fgfc.lu

Pressemitteilung

Uerteel "Agents municipaux"

De Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg muss elo Konsequenzen zéien !

Nom Geriichtsuerteel vu gësch an deem de Chef vum Service Parking a säi Verrieder wéint hire Falsch-Aussoen a Relatioun mat engem hinnen subordonnéierten Agent Municipal zur Rechenschaft gezunn gi sinn, verlaangt d' FGFC/ASAM (Association des Agents Municipaux), datt de Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg dësem Uerteel Rechnung dréit, an déi betrafte Persounen direkt vun hire Funktiounen entbënnt. Et ass elo héich Zäit fir eng Restrukturatioun vun dësem Service vun der Stad Lëtzebuerg.

Zanter Joeren rumouert et an dësem VDL-Service. Déi intern deels hefteg Reklamatiounen vun de Kolleginnen a Kollegen krute keen Enn, ouni datt vu politescher Säit konkret eppes ënnerholl gouf. Ee vun de Problemer wor, datt et Virgesetzte gouf, déi selwer ni um Terrain waren, an et esou ni fäerdeg bruecht hunn eng funktionéierend Struktur opzebauen.

D' Agenten mussen an d' Hierarchie agebonnen ginn, ënnert der Leedung vu Leit déi die néideg Praxis-Erfahrung hunn.

Och schléisse mir eis der Positioun vum Staatsrot un, datt d'Agents municipaux, virun allem a Relatioun mat deenen ugeduechten Kompetenz-Erweiterungen, direkt dem (der) Buergermeeschter (-tesch) ënnerstallt ginn.

Als FGFC/ASAM bidde mir eis un, fir mam Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg zesummen ze schaffen, an esou déi säit laangem néideg Restrukturatioun vum Service Parking an Ugrëff ze huelen. Eng deementspriedend Ufro geet direkt un déi politesch Responsabel vun der VDL.

Matgedeelt vum Comité vun der FGFC/ASAM

Kontakt: Nico Thill
Tél.: +352 691164229